NATIONAL - PECHERTEN

# Syvicol huet Avis iwwer Kompetenzerweiderung vun den Agents municipaux ugeholl

Vum Dany Rasqué | Update: 22.07.2021 18:45



© RTL Archivbild

**De Gemengesyndikat Syvicol huet en Donneschdeg de Mëtteg säin Avis iwwer d'Erweiderung vun de Kompetenze vun den Agents municipaux ugeholl.**

D'Inneministesch Taina Bofferding hat jo am Abrëll de respektive Gesetzprojet virgestallt. D'Iddi dovunner ass, datt méi kleng Verstéiss géint d'Reegele vun der Gemeng, sougenannten Incivilitéiten, kënne bestrooft ginn, ouni datt d'Police an d'Justiz domadder belaascht ginn.

De President vum Syvicol seet, hie wier frou, datt et iwwerhaapt emol géif virugoen, wat d'Kompetenzerweiderung vun de Pecherte betrëfft, allerdéngs hunn d'Gemengen eng Rei Bedenken.

De Syvicol stéiert sech an alleréischter Linn um administrativen Opwand, deen d'Gemenge kréien, virop, wann et drëm geet, d'Suen vun deene Protokollen anzedreiwen, déi d'Pecherten de Bierger gemaach hunn.

De President vum Gemengesydikat, den Emile Eicher:

*"Mir hunn do proposéiert, dat esou ze maachen, wéi bei den Avertissements taxés ze maachen. Wann een e Protokoll kritt - esou wéi een dat seet- well ee falsch geparkt huet, da kënnt der deen direkt iwwerweisen. Mir hätten eis hei kënne virstellen, dee selwechte Wee ze goen. Da wieren d'Gemengen net mat deem ganzen Opwand beschäftegt an et wier och vill méi einfach fir de Bierger, fir direkt seng Iwwerweisung ze maachen an da wier en es lass."*

Dat ass awer elo net virgesinn. Et gëtt keen eenheetleche System, esou datt et vu Gemeng zu Gemeng ënnerschiddlech ass, wéi a wou ee bezilt.

Den administrativen Opwand ass awer net deen eenzege Problem, deen de Syvicol nach mam Gesetzprojet iwwert d'Kompetenzerweiderung vun den Agents municipaux huet. Den Emile Eicher bedauert och, datt d'Pecherten net d'Recht hunn, fir de Leit d'Carte d'identité ze froen. Et wier extrem wichteg, sech iwwert d'Zesummespill tëschent der Police an de Pecherte Gedanken ze maachen.

Fir de Recht misst een nach eng Rei Detailfroe klären:

*"Dat ass zum Beispill, wéi den Oflaf ass, wann een net bezilt an a wéi engem Delai muss bezuelt ginn. Dat muss warscheinlech iwwert e groussherzoglecht Reglement gekläert ginn."*

De Syvicol plädéiert dofir, datt d'Gesetz an zwee oder dräi Joer eng Kéier evaluéiert gëtt an dann Upassunge gemaach ginn, do wou se néideg sinn.